N°3031
Entrée le 12.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn an dem Aarbechtsminister Georges Mischo op d'parlamentaresch Fro n°3031 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer BPI déi Revis bezéien.**

- *Wéi vill BPIen kréien aktuell de REVIS?*
- *Wéi laang waren BPIen de vergaangengen 8 Joren am REVIS (zënter der Reform vum REVIS)? Wat sinn d'Moyenne, de Median an de Maximum?*

Am vum honorabelen Deputéierten ernimmte Presse-Artikel gëtt de Familljeministère folgendermoossen zitéiert:„Asylberechtigte haben dieselben Rechte wie alle anderen Einwohner und werden auch als solche behandelt. Bei einem REVIS-Antrag wird das Statut der betroffenen Person nicht erfasst". Dës Ausso ass nach ëmmer zoutreffend.

- *Falls d'Ministeren dës Zuelen net huet:*
    - *Wéi vill BPIen hunn, opgelëscht pro Joer, nach a Flüchtlingsfoyere gewunnt, wat normalerweis de Fall ass, well se keng Plaz um Wunnengsmaart fannen (well se keng Aarbecht fannen)?*

De Familljeministère kann d'Ënnerstellung, dass BPI „normalerweis" an enger Struktur vum ONA wunnen „well se keng Plaz um Wunnengsmaart fannen (well se keng Aarbecht fannen)" net confirméieren.

Well et effektiv fir BPI net ëmmer einfach ass eng Wunneng um Wunnengsmarché ze fannen, accordéiert den ONA eng zousätzlech Karenzzäit vun 12 Méint, nodeems eng Persoun de Statut vum BPI krut, wärend där déi Persoun weiderhin an enger ONA-Struktur wunnen dierf.

Et ass allerdéngs wichteg ze betounen, dass déi grouss Majoritéit vu BPI zu Lëtzebuerg net am ONA-Reseau wunnt.

| Date | Nombre de BPI hébergés dans une structure d'hébergement de l'ONA |
|---|---|
| 31/12/2018 | 1338 |
| 31/12/2019 | 1317 |
| 31/12/2020 | 1435 |
| 31/12/2021 | 1564 |
| 31/12/2022 | 1905 |
| 31/12/2023 | 2114 |
| 31/12/2024 | 2265 |
| 30/09/2025 | 2108 |

- *Wéi huet sech d'Zuel vu BPIen vun 2018 bis 2025 entwéckelt (opgelëscht pro Joer, op den 1te Januar) a wéi vill BPIen waren zu deem Zäitpunkt als Demandeurs d'Emploi bei der ADEM ageschriwwen?*

Accords Protection Internationale des années 2018 - 2025

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 | 2025* |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Total des accords | 1068 | 732 | 781 | 899 | 1127 | 956 | 1019 | 480 |
| Octroi - Statut de réfugié | 994 | 692 | 753 | 755 | 850 | 683 | 772 | 470 |
| Octroi - Statut conféré par la protection subsidiaire | 74 | 40 | 28 | 144 | 277 | 273 | 247 | 10 |

**Chiffres jusqu'au 30 septembre 2025*

| Année | Nombre de BPI inscrits à l'ADEM et disponibles pour l'emploi | Nombre de BPI inscrits à l'ADEM et en mesure pour l'emploi | Nombre total de BPI inscrits à l'ADEM |
|---|---|---|---|
| 01.01.2018 | 425 | 86 | **511** |
| 01.01.2019 | 489 | 157 | **646** |
| 01.01.2020 | 526 | 183 | **709** |
| 01.01.2021 | 628 | 175 | **803** |
| 01.01.2022 | 515 | 201 | **716** |
| 01.01.2023 | 434 | 215 | **649** |
| 01.01.2024 | 490 | 197 | **687** |
| 01.01.2025 | 535 | 173 | **708** |

Lëtzebuerg, den 12. November 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn